Léif Elteren,

Den internationale Camp “Go|Urban” vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten (LGS) ass vum 18. - 28.07.2017 um Kierchbierg an der Stad Lëtzebuerg. Um Go|Urban ginn eng ronn 4500 Participanten a Chef aus allen Altersbranchen an eng 500 Leit Staff erwaart. Dobäi wäerte vill Nationalitéiten openeen treffen an ënner anerem wäerte Jonker aus de Projetslänner vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten wéi dem Senegal, Niger, Bosnien, Georgien, ... dobäi sinn.

D’Iddi ass et, de Camp ënnert d’Thema vun enger "Guide/Scout-Stad" ze stellen déi ganzheetlech op d’Konzept vum “nohaltege Liewen” opbaut. De Programm vum Camp riicht sech no de Besoine vun de Jonken an der haiteger Gesellschaft. Doriwwer eraus soll dëse Camp de Guiden a Scouten aus aller Welt e Raum bidde fir friddlech beieneen ze sinn, Spaass ze hunn a sech auszetauschen.

Jee no Alter vun Ärem Kand variéiert den Datum a Präis vum Camp. Hei déi genee Datumer a Präisser fir déi ënnerschiddlech Branche:

| | |
|---|---|
| **Biber (6 – 8 Joer):** | 20. – 23. Juli 2017 (120 €) |
| **Wëllefcher (8 – 11 Joer):** | 23. – 28. Juli 2017 (150 €) |
| **Avex (11 – 14 Joer):** | 18. – 28. Juli 2017 (300 €) |
| **Carapio (14 – 17 Joer):** | 18. – 28. Juli 2017 (300 €) |
| **Raro** (17 – 23 Joer): | 18. – 28. Juli 2017 (300 €) |

Den 23. Juli ass déi grouss Kiermes um Camp. Dat ass och deen Dag, wou all d’ Guiden a Scouten zesummen mat hirer Famill an hire Frënn um Camp kënne sinn.
Weider Informatiounen fannt Dir op http://www.GoUrban.lu.

**Umeldung fir de Camp**

Äert Kand kënnt Dir mat dësem Formulaire beim jeeweilege Chef umellen. Dës Umeldung sollt Dir bis den 1. Januar 2017 ofginn. En 1. Acompte ass och bis den 1. Januar 2017 op folgende Kont iwwerweisen.
Leidelenger Guiden a Scouten
IBAN LU05 0019 1300 2976 0000 (BIC : BCEELULL).
Mentioun : GoUrban 2017 Branche Numm Virnumm
(D'Familllen mat mei Kanner an de Scouten brauchen nemmen een Virement se machen. Mir bieden iech just alleguer d'Kanner an Mentioun se schreiwen. Merci)

**Den 1. Acompte ass 1/3 vum gesamte Präis. Dat heescht:**

| | |
|---|---|
| Biber (6 – 8 Joer): | 40 € |
| Wëllefcher (8 – 11 Joer): | 50 € |
| AvEx (11 – 14 Joer): | 100 € |
| CaraPio (14 – 17 Joer): | 100 € |
| RaRo (17 – 23 Joer): | 100 € |

D'Reschtzomm ass bis den 1. Abrëll 2017 op de selwechte Kont ze iwwerweisen.
Weider Detailer fannt Dir op http://www.GoUrban.lu.

Mat de beschten Guiden- a Scoutsgréiss,
Är Chefekipp